

Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sunnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler;

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Jeannot Krecké), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi;

Jacques-Yves Henckes;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira, Jean Huss et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Se sont abstenus: MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Fernand Greisen, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

6. Dépôt d'une résolution par

M. Marcel Glesener

M. le Président.- Den Här Glesener freet d'Wuert. Dir hutt d'Wuert, Här Glesener.

M. Marcel Glesener (CSV).- Här President, ech wëll hei eng Resolutioun iwwert d'Lëtzebuerger Sprooch deponéieren.

Résolution

La Chambre des Députés

- *considérant le rapport sur la protection des minorités en Belgique de la Commission des questions juridiques et des droits de l'Homme de l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe du 25 mars 2002 (Doc. 9395);*
- *considérant que le prédit rapport retient dans son exposé des motifs, sous le point E, article 40 : "qu'il ne m'appartient pas de déterminer si le wallon et le luxembourgeois sont des langues régionales ou des dialectes, même si je pencherais plutôt pour la première hypothèse. Toutefois, comme je souscris aux arguments de la Commission de Venise, je ne considérerais pas les locuteurs du wallon et les luxembourgeois comme des minorités au sens de la Convention-cadre pour la protection des minorités nationales. Le Conseil de l'Europe dispose cependant*

d'un instrument juridique qui pourrait garantir une protection adéquate à ces communautés: la Charte des langues régionales ou minoritaires.";

- *considérant que l'adoption du rapport par l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe est prévue pour le 24 avril;*

décide

- *d'informer l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe que le Grand-Duché de Luxembourg ne se sent pas concerné par le document en question;*
- *de rappeler à l'Assemblée parlementaire du Conseil de l'Europe que la loi du 24 février 1984 sur le régime des langues stipule dans son article 1^{er}: "La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois."*

(s.) Marcel Glesener, Jean Asselborn, Robert Garcia, Gast Gibéryen, Jean-Paul Rippinger.

M. le Président.- Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4842 iwwert de Protokoll vu Cartagena. D'Wuert huet de Rapporteur, den Här Gusty Graas.

7. Projet de loi 4842 portant approbation du Protocole de Cartagena sur la prévention des risques biotechnologiques relatif à la Convention sur la diversité biologique fait à Montréal, le 29 janvier 2000

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Urspréng vun der Gentechnik ginn zrëck op éischt Entdeckungen duerch d'Fuerscher Watson a Creek, déi och spéider den Nobelpräis kruten.

1973 ass et dunn zwee Wëssenschaftler op den Universitéite vu Stanford a San Fransisco gelongen, fir d'lerfmaterial ze modifizéieren.

Et gëtt u sech zanterhier kaum eng Wëssenschaft, wou d'Meenungen esou kontradiktoresch vertruete ginn. Oft ass een hin an hier gerappt tëschent ekonomeschen, ekologeschen an och etheschen Argumenter. Iergendwéi steet een tëschent Angscht an Hoffnung. Dat ass eng Ausso, déi den Henri Grethen, fréiere Fraktiounscheef vun der Demokratescher Partei an heitege Minister, schonn 1997 gemaach huet bei der Diskussioun iwwert d'Gesetz zur Biogenetik.

(Interruptions diverses)

Den Här Grethen huet gutt a flott Aussoe gemaach an hei ass ee Beispill dervun.

M. Alex Bodry (LSAP).- Et wäert de Sekretär vun der Parlamentsfraktioun gewiescht sinn, deen dat preparéiert hat.

Une voix.- Dir wäert dach net e Frënd vum Pol Pott sinn?

(Interruptions diverses)

M. Alex Bodry (LSAP).- Ech hunn nach ni eng preparéiert Ried gehalen.

M. le Président.- Här Rapporteur fuert weider.

M. Gusty Graas (DP), rapporteur.- Grad eis modern Zäit ass gepräegt vun enger grousser Ambivalenz vum technesche Fortschrétt. De Mënsch huet duerch d'Gen-technik sech selwer d'Méiglechkeet ginn, fir duerch e geziilten Austausch vu Genen iwwert all Aart vu Grenzen ewech déi natierlech Evolutioun ze beaflossen. Hie kann esouguer Liewen nobesseren. Spéitestens da kann en enorme Risiko fir eise ganze Biosystem entstoën. Dat erkläert och, firwat dass dës Technik op där enger Säit ëmstridden ass an op där anerer Säit als eng Noutwendegkeet duergestallt gëtt.

D'OGM, d'Organismes génétiquement modifiés, hunn an der Tëschenzäit och eng grouss ekonomesch Importenz krut. Wann ee bedenkt, dass schonn 1999 41,5 Milliarden Hektar op der Welt mat OGM ugeplazt waren!

Am Institut Genomics zu Peking an op der Universitéit zu Washington goufen elo kierzlech d'Genome vun zwou Zorte Räis zerdeelt. D'Fuerscher erhoffe sech do-derch, dass d'Hongersnout besser kënnt bekämpft ginn. Dat ass och eent vun den Haaptargumenter, wat oft gebraucht gëtt, fir d'Biotechnologie virunzedreiwen. Eppes ass awer ganz klor, an ech mengen, do si mer eis an der Diskussioun eens, dass ethesch Aspekter nach wie vor musse priméieren an d'international Gemeinschaft Efforte muss maachen, fir e strenge reglementaresche Kader ze setzen, fir dass d'Gentechnik net déi natierlech Ofleef aus dem Equilibre brénge kann. Just a grad an deem Sënn ass dës Protokoll vu Cartagena iwwert d'Verhënnerung vu biotechnologesche Risiken ze verstoen, deen den 29. Januar 2000 zu Montréal ënnerschriwwen gouf.

Elo kann ee sech natierlech d'Fro stellen: Firwat heescht de Protokoll "Protokoll vu Cartagena", wann en zu Montréal ënnerschriwwen gouf? Dat huet als Ursach, well et net esou evident war, fir dee Protokoll vun alle Parteien ënnerschriwwen ze kréien. Et huet missen eng zousätzlech Réunioun stattfannen, an déi war zu Montréal. A souguer do, hunn ech mir soe gelooss, war et nach net esou evident - den Här Statssekretär, deen do Zeie war, kann dat herno bestätegen - fir sech zu engem Konsens zesummenzefannen.

Jiddefalls huet missen en Equilibre fonnt gi fir agro-alimentär Produkter. Dës Protokoll - wat wichteg ass ze ënnersträichen - baséiert op der Konventioun vu Rio aus dem Joer 1992 iwwert d'Biodiversitéit. Déi hu mir hei an der Chamber de 14. Mäerz 1994 approuvéiert.

Et geet an deem Protokoll virun allem fir den Transfert, d'Manipulatioun an d'Benotzung vun OVM ze regelen,

esou dass keng Risiko fir d'Gesondheet vum Mënsch a fir d'Biodiversitéit kënnen oprieden. Et geet an éischter Linn ëm d'Geseems an d'Agrarprodukter.

Dës Protokoll gesäit och eng speziell Uwending fir déi OVM vir, déi direkt fir d'mënschlech Consommation oder fir d'Déierefidderung geduecht sinn, respektiv déi transforméiert ginn.

Elo wäert vläicht deem engen oder aneren opgefall sinn, dass fir d'éischt vun OGM geschwat ginn ass an elo vun OVM. Dat ass u sech deen Term, deen am Protokoll gebraucht gëtt. OVM: Organismes vivants modifiés. Weé ech mir soe gelooss hunn, besteet awer do keen Ënnerscheed. Et soll gutt verstane sinn, dass dat den offiziellen Term ass, deen am Protokoll gebraucht gëtt.

Et ass och hei nach ze ënnersträichen, dass dee Protokoll sech net op pharmazeutesch Produkter berëfft an och net op OVM, déi a begrenzte Milieue gebraucht ginn. D'Haaptelement vun deem Protokoll ass selbstverständlech de Prinzip vun der Précaution, dat heescht, dass den Exportateur den Importateur genee iwwert d'Risiken informéiere muss.

Den Importateur vun OVM sengersäits muss och eng Evaluatioun vun den negativen Effekter op d'Biodiversitéit maachen. Dat geschitt no enger wëssenschaftlecher Method, déi an der Annexe 3 vun deem Protokoll festgehalen ass.

D'OVM mussen och no klor definéierte Regeln an Normen, wat den Transport, den Emballage an d'Identifikatioun betrëfft, behandelt ginn.

Gegebenenfalls kann awer och e Land, an ech géing soen, dat ass och e wichtegt Element vun deem Protokoll, den Import vun OVM verbidden oder seng Décisioun eng Kéier réckgängig maachen, wann nei Erkenntnisser optauchen.

All Land muss och eng Autoritéit désignéieren, déi zoustänneg ass fir d'Exekutioun vun deem Protokoll.

Da gëtt och en Informatiounszenter geschafen, e sou genannt Biosafety Clearing House. Doduerch soll den Austausch vun deenen zoustännegen an noutwendegen Informatiounen erliichtert ginn.

Am Protokoll verflachte sech d'Parteien, besonnesch vis-à-vis vun deenen ënnerentwéckelte Länner, fir deenen déi noutwendeg Ënnerstëtzung ze ginn, besonnesch wat finanziell an aner Ënnerstëtzen ubelaangt.

D'Parteien kënnen awer och nach méi streng Mesurë virgesinn, déi iwwert dat erausginn, wat am Protokoll festgehalen ass, mä si kënnen natierlech net contraire zu dem Inhalt vum Protokoll sinn a och net contraire, wat jo elementar ass, zum internationale Recht.

Et muss och nach hei präziséiert ginn, dass dës Protokoll net aner international Accorde modifizéiert an déi ënnerzeechnend State selbstverständlech hir Souveräni-

téitsrechter behalen, zum Beispill op hir Gewässer, hir ekonomesch Zonen oder Transporter.

Den Artikel 23 gesäit dann awer och vir, dass eng verstärkte Sensibiliséierung soll nobausse gemaach ginn, wat d'Notzung vun OGM ubelaangt.

A Kraaft trëtt de Protokoll, wéi dat meeschtens bei esou internationale Protokollen de Fall ass, den 90. Dag no-deems de 50. Dépôt vun der Ratifizéierung duerch e Land gemaach ginn ass. Et däerfen allerdéngs nëmmen déi Staten dëse Protokoll ratifizéieren, déi d'Konvention vu Rio och ratifizéiert hunn. Do muss ee leider e bësse bedauern, dass dee gréisste Produzent vun OGM, d'Vereenegt State vun Amerika, dësem Protokoll net ka bäitrieden, an dat aus deem ganz einfache Grond, well Amerika bis haut d'Konvention vu Rio aus dem Joer 1992 nach net ratifizéiert huet. Den Amerikaner soll allerdéngs e Beobachterstatut zouerkannt ginn.

E kuerzt Wuert iwwert d'Finanzmechanismen. Do ass et den Artikel 20 vun der Konvention vu Rio, deen ausschlaggebend ass, deen elo zwar net preziséiert, wat den direkten Apport financier vun deenen eenzelne Staten ass, mä dee prinzipiell zrëckbehält, dass déi eenzel Länner, besonnesch déi méi héich industrialiséiert Länner, déi néideg finanziell Moyene matbréngen a gegebenenfalls déi manner entwéckelt Länner finanziell wäerten ënnerstëtzen.

Op Basis vum Artikel 14 gëtt sech dann d'Europäesch Unioun hir eege Reglementatioun iwwert déi grenzüberschreidend Mouvementer vun OVM. D'Kommission huet de leschten 22. Februar en deementsprechend Reglement ugeholl. Dodran ass eng, wat och e wesentlecht Element ass, Informatiounspflicht, wat den Etiquetage an d'Traçabilitéit vun den OGM ubelaangt, esou dass de Konsument säi Choix deementsprechend ka maachen.

Ech wëll nach kuerz op den Avis vum Statsrot ze schwätze kommen, deen drop hiweist, dass eng enk Relatioun besteet tëschent dësem Projet de loi an dem Projet de loi 4913 iwwert d'Modifikatioun vum Gesetz vum 13. Januar 1997 iwwert d'Notzung an d'Verbreede vu genetesch verännerten Organismen, deen an der Kompetenz vun der Commission de la Santé läit. De Statsrot ass der Meenung, dass dëse Projet de loi, dee mer haut diskutéieren, soll préalablement gestëmmt ginn, wat mer jo elo maache wëllen.

Et kann ee festhalen, dass hei e wichtegt juristescht Element geschafe gëtt, fir eng nei Technologie, déi natierlech net nëmmen Unhänger huet, an déi dofir zum Deel ëmstridden ass. Et ass en éischte gréisseren Effort vun der internationaler Communautéit, fir Regeln opzestellen am Intérêt vun der Gesondheet, awer och vun der Biodiversitéit a virun allem fir e fräien a gerechten Handel ze respektéieren.

Ech géing lech an deem Sënn bidden, dësem Projet de loi Är Zoustëmmung ze ginn.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Marco Schank.

Discussion générale

M. Marco Schank (CSV). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll dem Rapporteur, mengem honorable Kolleg Gusty Graas, merci soe fir säin ausféierleche Rapport, wat mir et erlaabt méi kuerz dee Projet ze skizzéieren. Dat heescht awer net, dass en net wichtig genuch wär, fir méi am Detail analyséiert ze ginn.

Dir hutt elo grad héieren, dëse Protokoll schaaft e ganz wichtige juristesche Kader fir eng nei Technologie, wéi de Rapporteur et gesot huet, Technologie, déi wuel e grouss Potenzial duerstellt, virun allem awer och grouss potenziell Geforen a Risiko beinhalt.

Ech wëll dës Geforen un engem konkrete Beispill belichten, an zwar mam Problem vun der Veronrengeung vu Saatgut mat deene gentechnesch modifizéierten Organismen, deene sou genannten OGM. Dat weist, a mengen Aen, dass d'Gentechnikindustrie hir genverännert Produkter net ënner Kontroll huet.

Vill vun lech hu vläicht de Communiqué vu Greenpeace gelies, wou d'Beispill vum Starlink, engem genmanipuléierte Mais aus den USA, ugefouert gouf, deen am Fong nëmme fir d'Fudderemittelproduktioun zougeloozt gi war, well e weinst Allergien, déi e beim Mënsch ka bewierken, an deem Sënn geféierlech wär an dofir net kennt fir Liewensmittel gebraucht ginn. Elo ass dee Mais awer op eemol a Liewensmittel opgetaucht. Dat weist, dass d'Industrie de Problem net am Grëff huet.

Et ass nach e Beispill aus Mexiko ernimmt ginn, wou den Ubau vu Gentechmais verbueden ass, an awer fanne sech an der Tëschenzäit am Saatgut vum Mais vu mexikanesche Bauere massiv Contaminatiounen am Kontext vun deenen OGM.

An enger Réunion jointe vun de Chamberkommissionen Ëmwelt a Landwirtschaft hu sech all d'Fraktiounen besuergt gewisen iwwert déi Entwécklung, déi ausser Kontroll geréit, wann een effektiv Kompromësser zouléisst. Besonnesch Saatgut, wat um Ufank vun der Kette vun der Liewens- an der Fudderemittelproduktioun steet, dierf ënner kengen Ëmstänn contaminéiert ginn. Net fir näischt verlaangt déi grouss Majoritéit vun europäesche Konsumente gentechneschfräi Liewensmittel. Am Ënnerscheed zu Veronrengeunge vu Liewensmittel si Saatgutverännere nach vill méi geféierlech. Déi sinn nämlech direkt mat enger ekologesch ganz riskanter Fräisetzung vun ebe gentechnesch verännerten Organisme verbonden.

Wichtig ass et dofir, an dat ass an där Réunion jointe ganz däitlech ginn, dass um Niveau vum Conseil vun de

Ministeren, vun aneren Organismen an Institutiounen an der Europäescher Unioun eis Stëmm geltend gemaach gëtt, fir eng Position de prévention de risques vis-à-vis vun deene Biotechnologien ze maachen. Ech begreissen déi Motioun, déi fraktiounsiwwergräifend wäert vum Här Garcia deponéiert ginn.

Ech géif d'Regierung am Zesummenhank mat der Proposition vun enger Direktiv iwwert d'Aféierung vu Grenzwärter bei deene Veronrengeunge vu Saatgut duerch OMG froen, d'Interesse vun alle Baueren ze verrieden a keng Kompromësser zouzeloossen.

D'EEA, déi europäesch Ëmweltagence, huet zum Beispill fir eis daitlech gemaach, dass d'Gefor vun enger massiver Contaminatioun besteet, wa genmanipuléiert Planzen an Europa ugebaut ginn. Bei Raps a Rommele beispillsweis ass gesot ginn, dass esou Geforen iwwerhaapt net ze kontrolléiere wieren. An anere Wieder, d'Genforscher mat enger Rei vu Politiker, éischter ausserhalb vun Europa, hunn den Zeitzänder vun enger Bomm esou ageallt, vun där mir net wësse wéini se explodéiert.

Am Geescht vum Protokoll vu Cartagena, deen haut zur Debatt steet, sollte mir Europäer eis, wéi gesot, an dëser Problematik op keng faul Kompromësser aloossen. Ech wollt dann och zu deem Accord nach soen, datt en net der Weisheit letzter Schluss ass an och net si kann, mä en ass awer a mengen An eng éischt wichteg Etapp fir biologesch Sécherheet ze assuréieren, ebe well en um Principe de précaution berout. Dëse Projet de loi stäipt deemno dee sënnavollen Effort vun der internationaler Stategemeinschaft, fir hei éischt Regeln ze schafen am Intérêt vum Gesondheetsschutz engersäits, an am Intérêt vum Ëmweltschutz anerersäits.

Och de Conseil d'Etat huet a sengem Avis zu Recht eng schnell Transpositioun recommandéiert, virun allem och, well déi enk Verbindung zwëschen dem Gesetzesprojet an där entsprecherender Direktiv vum Europäesche Parlament et ebe méiglech mécht, éischt wichteg Ziler an dëser sensibler Problematik ze erreechen. Ech géif mer dann erlaben och vun dëser Plaz den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet ze bréngen. Ech soen lech merci.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Alex Bodry agedroen. Den Här Bodry huet d'Wuert.

M. Alex Bodry (LSAP). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, niewent dem Klimaschutz war d'Erhale vun der Biodiversitéit ee vun de Kärpunkte vun där Weltkonferenz vu Rio 1992. Zéng Joer dono deet déi international Stategemeinschaft sech nach ëmmer relativ schwéier, fir déi Zilsetzungen, déi zu Rio gemeinsam festgeluegt gi sinn, konkret ëmzesetzen a sech och zousätzlech Instrumenter ze ginn, fir dofir ze suergen, dass op internationalem Plang déi doten Objektivier ëmgesat gi kënnen.

Dat hu mer am Klimaschutz scho méi oft hei diskutéiert, mä och deen heiten Domän vun der Biodiversitéit ass en

Domän, wou et relativ lues virugeet op internationalem Plang. Nach elo ass zu Den Haag jo och eng nei Konferenz, déi sech mat deem doten Thema beschäftegt, an och déi Diskussioun ronderëm deen heite Protokoll vu Cartagena an déi Schwieeregkeeten, déi dozou gefouert hunn, dass réischt ee Joer méi spët dee Protokoll definitiv konnt op enger anerer Konferenz verabschied ginn, beweisen, wéi schwieereg et ass op deem dote Punkt virunzekommen an de Fait, dass d'USA och deen heite Protokoll net akzeptéiert hunn, souwéi se iwwerhaapt och d'Basiskonventioun iwwert d'Biodiversitéit net akzeptéiert hunn, beweist, dass do nach vill Iwwerzeegungsarbecht ze maachen ass, an dass do d'Entwécklung um Terrain riskéiert méi schnell virunzegoen, wéi all international Instrumenter en Afloss op déi Entwécklung do hu kënnen.

Mir hunn et hei mat dëser Matière eigentlech mat engem Froekomplex ze dinn, dee sech un der Schnëttstell beweegt vum internationalen Handel op där enger Säit, an dem Ëmwelt- a Gesondheetsschutz op där anerer Säit. Ech wëll hei net op all Froen agoe vun der Biotechnologie, vun der Genmanipulatioun, de Rapporteur huet dat zum Deel gemaach och a sengem schrëftleche Bericht, mä et ass sécherlech wouer, dass all déi dote Froen eng grouss Chance duerstellen, e grousst Entwécklungspotenzial beinhalten, mä grad esou, an ech soen dat am selwechten Otemzuch ouni Abstufung, muss ee wëssen, dass sech och schrecklech Risiken hannert deem Ganze verstoppen; Risiken, net nëmme fir d'Ëmwelt, mä och Risike fir de Mënsch selwer.

Wann ee vu Globaliséierung schwätzt a wann ee vun der Noutwendegkeet schwätzt, fir fräien Handel international ze hunn, dann ass et grad esou kloer, dass een niewent dem fräien Handel och e fairen Handel brauch, an dass ee Regele brauch, déi ee sech gi muss, dass de Welthandel also muss an engem politesch definéierte Room oflafen. Dat gëllt och, mä net nëmme, fir den Ëmwelt- a Gesondheitsberäich duerch d'Festleeën also vun internationale Regeln, vun internationalen Normen, awer och duerch d'Schafe respektiv d'Stärke vun internationalen Institutiounen, déi déi dote Regele festleeë kënnen an och d'Anhalung vun deene Regele kontrolléieren, wéi mer och Sanctiounen an deem ganze Beräich brauchen. Et ass eben do, wou d'Schwieeregkeete sinn, och erëm eng Kéier bei dëser Konventioun, wou hei zwar Regele festgehale ginn, mä wat sinn d'Sanctiounen fir déi Staten, déi sech net un déi Regeln halen. Wat dëngt et Norme festzeleeën, wann een net gläichzäiteg och d'Konsequenze gesäit, wann ee sech net un déi Normen hält.

Dat sinn also éischter gutt Absichten, déi hei festgeluegt gi wéi bindend juristesche Normen, an dat bleift e Schwaachpunkt vun dëser Konventioun, wéi vun esou villen internationalen Konventiounen. Et ass also och hei inhaltlech ee Seeldanz, dee gemaach gëtt, tëschent

wirtschaftlech, sozialen an ökologesche Considératiounen, alles dat wat jo eigentlech och zu deem Begrëff vun der Nohaltegkeet gehéiert, deen an dëser Debatt nach net gefall ass, mä dee mer oft an de politeschen Auseinandersetzungen hei uféieren.

Et bleift - déi Aschätzung deelen ech -, dass dës Konventioun awer e positivt politescht Signal ass, net esou séier e juristescht, e bannend, mä e politescht Signal ass, well och virun allem an deem heiten Domän erstmaleg de Précautiounsprinzip verankert ginn ass. Dat schéngt mer ganz wichteg ze si fir all Froen, déi mat globalen Ëmwelterausforderungen zesammenhänken, dass een dozou iwwergeet, och an den Texter dee Précautiounsprinzip festzehalen, deen no an no och Afloss fënnt an d'Jurisprudenz, souguer och vun eise Gerichter. Dat ass, mengen ech, eppes ganz Guddes, dass een also probéiert op eng Minimiséierung vun de Risiken hinzeschaffen, a wann och net all Doute konnt ewechgeraumt ginn, ass et wichteg, dass, wann en echte Risiko besteet, ee sech dann net op deen dote Wee begëtt.

Dës Konventioun ass en Instrument, dat sécherlech nach verbesserungsfäeg an och verbesserungswürdeg ass. Si setzt a mengen An, an an deene vu menger Fraktioun, éischter e Minimalstandard fest wat déi biotechnologesch Sécherheet ugeet. Mir ginn dovunner aus, dass d'EU-Bestëmmungen nach méi streng wäerte sinn, méi contraignant wäerte sinn, wéi dat bei deenen heite Weltbestëmmungen de Fall ass, sief dat d'Direktiv vum 12. Mäerz 2001, sief dat och dat Reglement vum Mäerz 2002, wou mer jo och nach déi béid Texter an Nationalrecht iwwerhuele mussen.

Fir Lëtzebuerg, dat muss een och soen, bréngt déi heite Konventioun praktesch keng grouss Konsequenze mat sech. Mir sinn haaptsächlech gebonnen duerch déi europäesch Bestëmmungen. Et ass also op d'Diskussioun vun deenen Texter, wou mer eis sollten an deenen nächste Méint konzentréieren, wa se dann hei an der Kommissioun a schlussendlech am Plenum diskutéiert ginn.

An ech hoffen, dass mer déi Diskussioun am selwechte Geescht féiere kënnen, deen ëmmer hei an der Chamber virgeherrscht huet wa mer iwwer Froen vu Biotechnologien a Genmanipulatiounen diskutéiert hunn. Dat geet schonn op den Ufank vun den nonzeger Joren zrëck. Sengerzäit war eng Spezialkommissioun an der Chamber, déi eng ganz kritesch Haltung zu deem ganze Froekomplex hat, déi versicht huet hei och d'Regierung op eng restriktiv Bunn ze kréien, an ech hoffen, dass dat och esou bleift, an dass, wa mer déi europäesch Texter hei diskutéieren, dann deeselwechte Geescht virherrscht.

Ech wëll och drun erënneren, dass an der viregter Regierung sech och net gescheit ginn ass, fir och op europäeschem Plang minoritär Positiounen anzehuelen, géint de Wëllen och vun der Europäescher Kommissioun, am Sënn vum Précautiounsprinzip, am Sënn vun

der Ausschléissung vun engem Risiko fir d'Natur a fir de Mensch, och wat genmanipuléiert Liewewesen ugeet. Dat muss och eng Haltung sinn, déi iwwert d'Parteigrenzen eraus an iwwert d'Koalitiounsfaarwen eraus och weiderhin d'Positioun vu Lëtzebuerg an där doter Fro bestëmmen sollt. Ech hoffen, dass et also net zu enger Kurskorrektur an deem ganze Beräich do kënnt.

Den zentrale Punkt vun dëser Konventioun ass eigentlech de grenziwwerschreidenden Transfert vun deene sou genannten OGM, wou en Notificatiouns- respektiv Informatiounssystem virgesinn ass, wou de Länner eng gewësse Latitude gelooss gëtt. Mä och do ass et jo ganz kloer, dass mer eis an engem Rechtsstat hei bewegen, an all administrativ Décisioun muss natierlech motivéiert sinn, an d'Gerichter sinn do fir ze kontrolléieren, ob déi Décisioun, déi d'Verwaltung geholl huet, conforme zu den inhaltlech a formal gesi conforme zu eise Rechtssystem ass. Also esou fräi ass och erëm eng Kéier den Handlungsspillraum vun de Länner net, wat d'Applicatioun vun deenen heiten Texter ugeet.

Ech hätt just zwou méi konkret Froen un d'Regierung. Déi Fro ass eigentlech op bliwwen an deem heiten Text, well mer eis eigentlech drop beschränkt hunn, fir einfach nëmmen dee ganzen Text vun deem Protokoll hei an d'Nationalrecht ze iwwerhuelen. D'Länner si gehalen déi national zoustänneg Stellen ze bestëmmen. Si si gehalen déi national Korrespondenten ze bestëmmen. Ech wollt d'Regierung duerfir froen: "Wie sinn dann zu Lëtzebuerg déi national Korrespondenten, déi zoustänneg Stelle fir déi praktesch Ëmsetzung vun deem heite Protokoll?"

Bis elo war et esou, och opgrond vun eiser Gesetzgebung vun 1997, dass dat am Fong d'Direction de la Santé war respektiv de Labo vun der Santé. Bleift dat esou oder ass do eng aner Kompetenzopdeeling virgesinn? An déi zweet Fro, déi ech un d'Regierung stelle wollt, ass déi: "Wou a wéi eigentlech fonctionnéiert dee Biosafety Clearing House, deen hei am Text virgesinn ass? Besteet dee schonn? Wou kënnt deen histoer? Wéi sinn do d'Regele vum Fonctionnement?" Ech mengen et ass trotzdeem wichteg dat ze wëssen, fir dass ee kënnt e bësse méi hei gesi wéi dat doe soll praktesch oflafen a sech hei net drop beschränken, einfach nëmmen Texter ze iwwerhuelen, déi scho viru Joren eng Kéier guttgeheescht gi sinn.

Zur Konklusioun, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ass eis Fraktioun der Meenung, dass sécherlech deen heite Protokoll keen definitiven Duerchbroch ass, wat d'Biosécuritéit ugeet. Et ass awer e Schratt no vir, well et fir d'éischt eemol fäerdeg bruecht ginn ass um Weltplang, och wann net all Länner dat akzeptéiere wëllen, eng Rei vu Regele festzeleeën, wou dann herno um EU-Plang hoffentlech weider Schrëtter nokomme wäerten, wou mer da méi praktesch domat konfrontéiert ginn.

Bei alle wëssenschaftlechen Avancen, déi weiderhi méiglech si mussen, bei der Nécessitéit och fir fräie Welt-handel kënnen ze bedreiwen, ass an eisen A wichteg, dass de Précautionsprinzip net aus den A verluer geet. Dat ass hei garantéiert duerch deen heiten Text an duerfir wäerte mir en och stëmmen.

Des voix.- Très bien.

M. le Président.- Als nächste Riedner ass den Här Emile Calmes agedroen. D'Wuert huet den Här Calmes.

M. Emile Calmes (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech menge meng Virriedner hu schonn d'Wichtigkeet vun dësem Protokoll hei ënnerstrach. De Rapporteur huet och gemengt, datt d'Haaptelement vun dësem Protokoll hei de Principe de précaution wier, vun deem mäi Virriedner jo och hei méi laang geschwat huet. De Principe de précaution, deen effektiv duerch dëse Protokoll respektiv dëse Gesetzestext agefouert gëtt, kann een definéieren als Approche fir eng Risikosituation ze gëreieren, wann eng wëssenschaftlech Onsécherheet besteet.

Et gehéiert esou zur Verantwortung vun der Politik, wann eng potenziell geféierlech an irreversibel Situation entstoe kann, provisoersch Décisionen ze huelen, déi de wëssenschaftleche Progrès anticipéieren. Et ass awer och esou, datt, well een Domän kontroverséiert ass an net all wëssenschaftlech Erkenntnisser kloer an definitiv sinn, een och net handelen däerf. Ech wëll duerfir an dësem Kontext hei betounen, dass et a sech net zu enger onnuanciierter Uwendung, egal wou an egal wéini, zum Principe de précaution soll kommen. Dëse Prinzip, mengen ech, sollt awer net als Virwand benotzt ginn, fir all Innovation am Käim ze erstécken oder ze bremsen. Et muss een also, wann ech mer dat Wuertspill hei erlaben däerf, de Principe de précaution trotzdeem mat Précaution uwenden. Ech menge mir mussen eis bewusst sinn, dass all Changement, all Erneuerung iergendwou iergendeen ëmmer erëm stéiert.

An deem Fall hei, mengen ech, si mer awer all enger Meenung, wou et ëm genmodifizéiert Organisme geet. Virun allem an der Produktioun an der Consommation vu Liewensméttel ass de Principe de précaution ubruecht, an ech mengen, et ass scho richtig, datt déi eenzel Länner, aus wëssenschaftlecher Onsécherheet eraus, kënnen den Import vun esou OGMe verbidden. Domat ass de Principe de précaution och fir d'éischt zu engem Outil ginn, fir politesch Décisionen ze huelen. Datt sech hannert der Problematik vun den OGMe Risike verstoppen, dat, mengen ech, huet dee Virtrag bewisen, deen dee kanadesche Bauer viru kuerzem gehalen huet, deen do seng Erfahrung ze präisginn huet.

Wat ass deem Mann nämlech geschitt? Dee Mann, deen ass Bauer am Kanada. Dee Mann behaupt, hien hätt ni genmodifizéiert Planzen ugebaut, virun allem net de Monsanto-Mais ugeplant. Trotzdeem ass hien elo mat

engem Prozess konfrontéiert, wou de Monsanto-Konzern him virwerft, hien hätt op senger Stécker hire Mais, hiren OGM-Mais ugeplant, pardon, Raps ugeplant, ouni duerfir awer bei Monsanto déi Tax ze bezuelen, déi ee muss bezuelen, fir dovun Gebrauch ze maachen.

De Mann behaupt sech drop, datt e weder dees Raps agesat huet, nach déi Produkter kaaft huet, fir d'Onkraut do ze bekämpfen, an trotzdeem huet d'Gericht aneschtens decidéiert. D'Tatsaach, datt dem Bauer seng Stécker mat OGM-Raps vun Nopere polluëiert waren, huet do a sech keng Roll gespillt. Just d'Tatsaach, datt der do waren, ass dem Gericht duergang fir de Mann a sech ze verdonneren, hei vu Produkter Gebrauch gemaach ze hunn, wou hien a sech keen Urecht drop huet.

Ech mengen, dat ënnersträicht de Problem vun der Patentéierung a vun dem Gebrauch dann herno oder d'Rechtsunsécherheet, déi de Gebrauch vu genmodifizéierte Produkter mat sech bréngt. De Mann konnt eis a sech och d'Biller weisen, wat d'Konsequenze vum Ubau vu genmodifiziertem Raps ugeet, well op deene Plazen net nëmmen eleng genmodifizéierte Raps vun der Monsanto-Zort ugebaut ginn ass, mä et sinn der och vun anere Produzenten ugebaut ginn.

E konnt do weisen, datt sech an deem Kontext awer do kënnen Zorten zesummebrauen, op déi herno iwwerhaupt kee Méttel méi vu kenger Firma, déi dann och d'Onkrautbekämpfung produzéieren, eng Wierkung huet. Do ass ee "Superonkraut" - et kann een dat emol sou nennen, entre guillemets - entstan, dat sech elo an alle Parzelle breet mécht, awer net nëmmen an de Rapsparzellen, mä och an de Weessparzellen, wat a sech net méi ze bekämpfen ass. Doduerch mussen déi ganz Produktiounen liquidiert ginn.

De Mann huet eis dat gewisen. Ech gi jo dovun aus, datt dat begrënnt ass. D'Biller, déi léie jo am Prinzip a sech net. Da stellt sech awer d'Fro, a wat fir eng Entwécklung mer a sech do ginn, wou mat enger Erfindung oder mat engem Produkt nei Schied produzéiert ginn, fir herno erëm nei Méttelen entwéckelen ze mussen, fir dann erëm déi nei Produkter do ze bekämpfen. Dat ass sécher absolut keng nohalteg Approche.

An deem Sënn, mengen ech, ass et gutt, datt d'EU-Länner sech an dëser Problematik an der Vergaangenheet ganz virsiichteg verhal hunn a sech virun allem och um internationale Parquet gutt verkaaft hunn. Et muss een drun erënneren, an d'Toile de fond kennen, opgrond vun där dësen Accord hei zustane komm ass. Mäi Virriedner huet dat schonn hei gesot, wou et a sech zu enger Konfrontation komm ass zwëschen den EU-Länner an de Länner vum Miami-Grupp, wou nieft der USA dann och Länner wéi Kanada, Australien an aner dozou gehéieren. Si hunn a sech drop gehal, datt an deem Protokoll hei absolut keng Aschränkunge solle kommen. Virun allem d'Agrarprodukter an och d'Liewensméttel sollen hei ausgeschloss ginn, do solle keng

Reduktiounen drop kommen. Dat hätt dee Protokoll hei natierlech 90% vu senger Substanz vidéiert.

Ech mengen, och an Zukunft ass d'Europäesch Gemeinschaft hei gefuerdert, bei neien Direktiven hire Mann ze stellen. Sou zum Beispill bei enger Direktiv, déi meng Virriedner hei ugesprach hunn, wou et drëm geet, d'OGM-Pollutioun am traditionelle Saatgut ze definéieren. An deem Sënn wär et dann och méiglech, um Niveau vun der Agrar- an der Ëmweltkommissioun, eng Motioun parteiwwergräifend ze ënnerstëtzen, déi da vum Auteur selwer hei virgestallt gëtt.

Ech wollt dann awer nach eppes hei ënnersträichen, wou oft sech geiert gëtt, datt de Problem vum Saatgut e Problem vun de Biobauern eleng wier. Fir déi ass déi Problematik hei déidlech, mä et soll ee ganz kloer soen, datt déi Pollen, déi doruechter fléien an déi genmodifizéiert ginn, kee Biostéck erkenne vun engem Feld, wat an der konventioneller Landwirtschaft läit. Dofir ass et ee Problem vun der ganzer Landwirtschaft, an d'Landwirtschaft soll sech deem Problem hei bewusst sinn. Well, soll et zu engem méi grouse Problem kommen, wäerte si wuel déi leidtragend sinn, sou wéi et ëmmer ass, wann ee Liewensméttelskandal opkënnt, an där hate mer jo an der Vergaangenheet genuch.

D'Avantagen, déi vun der Biotechnologie fir d'Landwirtschaft, d'Industrie an d'Gesondheet kënnen erauskommen, mussen ofgewië gi mat de potenzielle Risiken, déi fir d'Gesondheet an d'Ëmwelt kënnen entstoen. Och wann ni all Risike kënnen ausgeschloss ginn, mengen ech, musse mer an deem Domän hei ganz virsiichteg virugoen, an ech menge schonn, datt de Protokoll vu Cartagena ee Méttel ass, ganz virsiichteg virzgoen.

An deem Sënn géif ech dann och den Accord vun eiser Fraktioun bréngen.

M. le Président. - Als nächste Riedner ass den Här Robert Mehlen agedroen. Den Här Mehlen huet d'Wuert.

M. Robert Mehlen (ADR). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et gëtt Leit, déi vertrieben d'Meenung, d'Fuerschung an d'Entwécklung an d'Wëssenschaft, déi wäeren ëmmer méi séier wéi d'Politik. Dat heescht, d'Politik wär mat hire Reaktiounen ëmmer ee Stéck hannert der Entwécklung dran. Dat betrëfft, kann ee mat rouegem Gewësse soen, och de ganze Gentec-Beräich.

Déi modifizéiert Liewewiesen, OGMen, OVMen, et ass d'éinescht hei erkläert ginn, d'Differenz ass net riseg grouss, wou d'Wëssenschaft virop gaangen ass a wou d'Politik op eng kéier erschreckt festgestallt huet, datt se misst reagéieren.

Duerfir ass grondsätzlech ze begréissen, datt Schrëtt an där Richtung ënnerholl gi sinn, fir op d'mannst um Prinzip vun der Précaution deene Risiken, déi do entstane sinn, entgéintzetrieden.

De Rapporteur huet e ganz luewenswäerten Effort gemaach, ze erklären, wat dann do am Detail geschitt a wéi déi Technik funktionéiert. Ech wëll hei net drop agoen, et ass awer interessant dat nozeliesen. En huet och e ganz interessant Kapitel iwwert de Pour a Contre vun der Gentechnik geschriwwen. Dobäi, bei der Lecture vun deem Kapitel, gesäit ee ganz séier, wat fir eng Importenz datt déi Technik do well an der Praxis do-bausse kritt huet.

Et ass een erféiert wann ee gesäit, a wat fir engem Mooss datt verännert Organisme schonn dobaussen op de Felder uechtert d'ganz Welt ugebaut ginn. Dat betrëfft haut schonn eng ganz Partie Kulturen. Hien huet der e puer opgezielt, virun allem de Soja - dat wësse mer scho laang -, de Raps, de Kotteng, an dann de Räs.

Woufir gëtt dat gemaach? Dat huet ganz ënnerschiddlech Ursaachen. Engersäits déi ganz luewenswäert Tendenz, fir esou Notzplanzen, déi méi krankheetsufälleg si wéi Naturplanzen, Resistenze bäizebréngen, wéi op eng aner Manéier, wou et vill méi laang dauert, fir dat fäerdeg ze kréien. Et ass och vläicht déi luewenswäert Tendenz, fir Ertragssteigerungen iwwert dee Wee ze bewierken. Mä wat vill méi bedenklech ass, dat ass, datt d'Firmen dozou iwwerginn, Planze géint verschidden Herbizide resistent ze maachen duerch d'Genmanipulatioun. Dat ass natierlech fir d'agrochemesch Konzernner interessant, wéi am Fall vun deem modifizéierte Saatgut, wat zum Beispill géint e Méttel wier am Roundup, wat en Totalherbizid ass, resistent ass. D'Leit, wa se dat Saatgut uwenden, kënnen da mat engem Totalherbizid sprëtzen. Da geet normalerweis alles futti wat um Feld steet, wéi just déi modifizéiert Kulturplanz net.

Do fänkt et effektiv u ganz geféierlech ze ginn. Beim Räs - ech wollt do nach ee Wuert soen - ass et och eng luewenswäert Geschicht: De Räs huet keng Proteinnen, oder bal keng, sou wéi en an der Natur virkënnt. Da gëtt gesot, duerch esou Manipulatiounen wär et méiglech, e vollwäertege Räs ze produzéieren, deen dann an der Ernährung kënnt méi positiv oder méi vollwäerteg agesat ginn. Dat kann een natierlech och, Här President, iwwert deen normale Wee duerch Ziichtung fäerdeg bréngen, dat ass allerdéngs vill méi ee laangen a schwieerege Wee.

Da gëtt et nach eng aner Technik. Ech hu mech do viru kuerzem an engem Virtrag beléiere gelooss, dat war allerdéngs ganz lëschtég, dat ass d'Mutatiounszüchtung. Dat ass, wéi et schéngt, wéi déi traditionell Saatgutkonzerner bis elo geschafft hunn. Do gëtt d'Saatgut einfach wëll mat Radioaktivitéit beschoss, da gëtt dat ausgeséit an da gëtt, nodeem datt déi ganz Genstruktur duerchernee gerëselt ginn ass, gekuckt, wat dann do erauskënnt. Ënner 100.000 oder enger Millioun Mutatiounen, oder vläicht e puer Millioun Mutatiounen, fënnt een dann een Zoufallsprodukt, wat dann deem

entspricht, wat d'Wonschvirstellung ass. Ech mengen, dat ass och ganz sécher net dee Wee, deen ee ka fir gutt halen. Deen ass wahrscheinlech méi geféierlech nach wéi d'Gentechnik als solch, déi geziilt agesat gëtt.

Déi Remarque oder déi Hoffnung, déi ausgedréckt gëtt, déi de Rapporteur allerdéngs och mat Fragezeiche versinn huet, dat ee kënnt duerch Gentechnik d'Hongersnéit an der Welt beseitegen, déi kann een net deelen. Mir wëssen, datt d'Problemer, déi et mat Hunger an der Welt gëtt, haaptsächlech politesch bedéngt sinn an net duerch d'Onfäegkeet vun der Natur, fir genuch Nahrungsmittelen ervirzebréngen, wann e vernünftegen Ubau bedriwwen gëtt.

Den ADR vertritt d'Positioun, datt d'Gentechnik souwuel positiv wéi och negativ ka gekuckt ginn. Mir sinn awer nëmmen do d'accord, wou ganz kloer zum Virschäi kënnt, datt dem Mënsch a sengem Wuelbefannen an a senger Gesondheet kann doduerch gehollef ginn. Mir wëssen, datt haut kënne Medikamenter iwwert dee Wee produzéiert ginn, déi mer anerwäerts net hätten. Dat ass selbstverständlech ze begreifen.

Mir sinn awer net d'accord, wann et drëm geet, fir Planzen an Déieren aus ökonomesche Grënn ze veränneren, an dat ass hei an deenen allermeeschte Fäll den Hannergrond dervun. Mir si scho guer net d'accord wann et drëm geet, fir aus enger Kombinatioun vu gentechnesch modifizéierte Planzen a spezielle Chemikalien oder Pestizide Profit ze schloen. Grouss Konzerners versichen dat scho laang a mat vill Erfolleg, wéi et elo grad och hei duergestallt ginn ass. Mat esou vill Erfolleg, datt esouguer Leit, déi dat Saatgut net op hirem Feld ugesäit hunn, wou et einfach vu baussen eragedroe ginn ass, condemnéiert ginn, wéi wa si dat ausgesäit hätten a wéi wa se do misste Patentrecht drop bezuelen, och wa si - wéi gesot - dat guer net ugewandt hunn.

D'Folleg, déi sech aus där Entwécklung ergëtt, ass ganz geféierlech, datt et eng Ofhängegkeet vun de Bauere gëtt. Do muss gutt opgepasst ginn. Méi geféierlech ass et och, wann hei gesot gëtt, et geet nëmmen ëm Saatgut, et geet nëmmen ëm lieweg Organismen, an net ëm Matière première, déi gentechnesch verännert ass, dofir sinn aner Reglementer an Direktiven do. Mä hei kann tatsächlech draus entstoën, datt d'Landwirtschaft net méi garantéiere kann, wann et gefrot ass, datt se ka Grondnahrungsmitteler liwweren, déi solle weiderverschafft ginn an der Nahrungsmittelproduktioun, ob déi absolut genteckfräi sinn oder net. Och déi konventionell Landwirtschaft net. Dat ass eng riseg Gefor, déi nach vill méi grouss ass - an dat ass och richteg virdrun hei gesot ginn - fir déi Baueren, déi sech ganz op biologeschen Ubau verluegt hunn a bei deene jo absolut keng Toleranz ass, wat d'OGMen ubelaangt.

Déi grouss Gefor, déi besteet, dat ass, datt duerch Disséminatioun an der Ëmwelt op eng Kéier Selbstläufer entstinn, déi een net méi an de Grëff kritt, nom Motto "Die Geister, die ich rief, die werd' ich nicht mehr los".

(Interruption)

Ah, et ass ëmgedréint. Ech war schonn eng Kéier hei korrigéiert ginn.

Mä, et muss ee sech dann och froen: Woufir ass dat gutt, ausser, datt et deene Konzerners Profit bréngt?

Dofir begréisst mir et, datt de Précautiounsprinzip sou wäit wéi méiglech hei soll agefouert ginn a mir bréngen och dofir eisen Accord zu deem Projet de loi.

Hien ass dat éischt völkerrechtlech Instrument, dat sech ganz cibléiert mat Aspekter vu Sécherheet a Gesondheet am Zesummenhang mat gentechnesch verännerte liewegen Organismen befaasst.

E soll sécherstellen, datt lieweg Organismen, déi mat Hëllef vun der moderner Biotechnologie verännert gi sinn, an déi fir d'Erhaltung an d'nohalteg Notzung vun der biologescher Vielfalt eng Gefor kënnten duerstellen, sécher transportéiert a genotzt ginn.

De Principe de précaution, et huet och schonn ee vu menge Virriedner probéiert, dat hei e bësschen ze deiten. Wat bedeit dat? Ech géing mengen, datt een ouni Nout kee Risiko ageet. Et muss ee soen: Hei besteet iwwerhaupt keng Nout. Déi natierlech Diversité biologique ass immens. Déi gëllt et ze schützen an net muttwëlles engem Risiko aussetzen. D'Natur ass e komplizéiert Zesummespill vun Dausenden, fir net ze soe Milliounen vu Planzen- an Déierenarten, dat een net muttwëlles stéieren däerf.

Mer erliewen et haut schonn, net duerch OGMen, mä duerch Organismen, déi aus ofgeschlossene Biotoper vu Kontinent zu Kontinent geschleeft ginn, wou se am Fong geholl virdrun net waren, datt dat ganz biologesch Zesummespill an deene Géigenden, wou se zum Beispill mat Schëffer higeschleeft si ginn, d'ënnescht iewescht gedréit gëtt. Dee Risiko, deen ass hei absolut dran an deem gëllt et virzebeugen.

Duerfir si mir der Meenung, datt, sou wäit wéi et machbar ass, null Toleranz muss spillen, datt ee keng Dier soll opstoussen, déi de Moment nach zou ass. Dat bedéngt allerdéngs, a mer hu gësch d'wiewer geschwat an der Kommissioun, d'Kontrollen. Vill Kontrollen. Prouwe musse geholl ginn, déi sécher sinn, déi net kënne manipuléiert ginn.

Mir brauchen eng ganz Institutioun, déi sech domat befaasst. Mir brauche qualifizéiert Personal a wahrscheinlech deier Installatiounen, well Gentechnik nowiesen a Som an a liewegen Organismen, dat ass net esou einfach.

D'EU, dat ass hei zu Recht gesot ginn, huet sech eng staark Législatioun ginn, déi eigentlech méi wäit geet wéi dat, wat mer hei am Protokoll vu Cartagena dra stoen hunn.

Mir hunn zu Lëtzebuerg déi zwou Direktiven ëmgesat. Et steet och am Rapport vum Gesetz vum 13. Januar

1997. Dësen Accord ass virun allem wichteg fir déi Länner, déi nach keng entspriechend Législatioun hunn. Den Här Bodry huet hei, an ech deele seng Meenung voll a ganz, sai staarkt Bedauern ausgedréckt iwwert d'USA, déi net bereet waren, fir mat op dee Wee ze goen.

Och do muss ee vun dëser Plaz aus ëmmer erëm drop hiweisen, dass a villen Domänen d'Politik eigentlech net déi Roll spillt, déi se ze spillen hätt, an et stéisst een, ganz besonnesch bei den USA, awer och an anere Länner, ëmmer erëm op d'Problematik vun der Onofhängegkeet vun de politeschen Décideure vis-à-vis vun der Industrie, vun de grouse Konzern, Onofhängegkeet, déi et nëmme da gëtt, wann d'politesch Décideuren a wann hir Parteie finanziell vun deene Konzern onofhängeg sinn. Dat ass an den USA ganz sécher net de Fall.

De Conseil d'Etat huet recommandéiert, mer sollten dëst Gesetz esou séier wéi méiglech stëmmen, well nëmme d'Zesummewirkung vum Protokoll vu Cartagena an der EU-Direktiv 2001/18 géng et méiglech maachen, d'Ziler ze erreechen. Dofir wäerte mir dëst Gesetz och stëmmen, mä mir wëllen ënnersträichen, dass de politeschen Débat, wéi et weidergeet, besonnesch an der Décisioun iwwert d'Schwellewäerter, déi an Zukunft sollen toleréiert ginn, dat heescht wéi wäit eng Vermëschung soll an Zukunft toleréiert gi vu modifiziertem Saatgut mat normalem Saatgut, dass mer eis do mussen dringend mat der Regierung ënnerhalen. Mir sinn dofir frou, dass dës Motioun, denken ech, eng Unanimitéit wäert fannen, Motioun, déi mir mat ënnerstëtzen.

Ech soen lech merci.

M. le Président. - D'Wuert huet den Här Robert Garcia.

M. Robert Garcia (DÉI GRÉNG). - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als sechste Riedner an esou engem Débat ass et natierlech relativ schwierig, fir Widderhuelungen ze vermeiden. Déi meeschte Virriedner hunn an engem seltene Konsens déi haaptsächlechste Bedenke par rapport zu der Gentechnologie en faveur vun deem heite Gesetz duergeluegt. Ech wëll mech dofir just fokusséieren op déi zwee, dräi Haaptpunkten, ënner anerem de Principe de précaution, dee schonn hei ugefouert ginn ass.

Mäi Virriedner, den Här Bodry, mat deem ech schonn 1992, zwar op anere Barrikaden, zu Rio war, huet sai Bedauern ausgedréckt, dass eigentlech säit zéng Joer et e grousst Land gëtt, dat all Gesetzeswierker an all Konventiounen an deem Beräich boykottéiert. Et ass grad dat Land, wat sech géint den Terrorismus am meeschten engagéiert a wat selwer, wann ech et wëilt polemisch ausdrécken, e Genre vu juristeschem Terror géint all Zorte vun nützlechem internationalem Gesetzeswierk operéiert. Et ass souguer net nëmme eleng

eng Taktik vun deem neie Regime an den USA, Regime deen natierlech verstärkt ginn ass doduerch, dass e substanzialen Deel vun der Equipe vum Här Bush aus der Ueleglobby stammt, déi och intim mat der Saatgut-an der Chemieindustrie liiert sinn. Do ass et natierlech net verwonnerlech, dass grad um Terrain vun der Biodiversitéit d'USA net méi begeeschtert sinn, fir Konventiounen an Traitéen ze ënnerschreiwé wéi bei Kyoto oder Rio.

Den Haaptmessage vun dëser Konventioun a vun dësem Gesetz ass de Principe de précaution, deen eis an allgemenge Sonndesriede ganz normal erschénkt, deen awer guer net esou normal ass, well et huet zéng Joer gedauert, bis mer esou eppes iwwerhaupt hei konnte festschreiwé. Et ass scho sengerzäit gesot ginn, dass mir an enger Risikogesellschaft géife liewen a quasi all Mesuren, déi mir als Politiker hei stëmmen, iergendee Risiko u sech hunn, sief et eng Mülldeponie, sief et eng Autobunn. D'Gesellschaft ass natierlech bereet, gewësse Risiken anzegoen, well se einfach net vermeidbar sinn.

Et ass also d'Diskussioun, wéi wäit ass eng Gesellschaft bereet, Risiken a Kaf ze huelen, fir doraus e Gewinn ze kréien. Dat ass leschtendlech eng politesch Diskussioun. Et kann een natierlech higoen a waarde bis iergendwellech wëssenschaftlech Etüden dee Risiko bestätegen oder invalidéieren, mä um Beispill vum Asbest, wou et jo Dausende vun Etüde gëtt, déi beweisen, dass den Asbest schiedlech ass, mierkt een, dass dat net an alle Länner an an alle Kontexter zu Mesurë féiert. Et gëtt nach ëmmer Länner, déi den Asbest net verbidden. Et gëtt souguer nach Politiker, déi fannen, wann een eng Asbestsanéierung iergendwou mécht, dass dat iwwerflësseg wär. Et kann een natierlech och waarden, bis duerch d'Praxis de Risiko bestätegt gëtt. Et kann een op e Supergau à la Tschernobyl waarden, mä et ass meeschtens ze spët, wann een herno erkennt, dass de Risiko bestanen huet.

Et muss een natierlech ofweien, wann et eng Technologie gëtt, déi d'Welt ka retten, déi awer risikoraich ass, ob een déi awer ugeet. Dat ass e bëssen déi Argumentatioun, déi d'OGM-Befürwörter féieren, déi natierlech ëmmer an d'Fenster stellen, dass se kéinte mat hirer Technologie den Hunger an der Welt ausmäerzen a vill Krankheete vun deenen, déi et esou gëtt, bekämpfen.

Parallelen tëschent der Biotechnologie, der Gentechnologie an der Atomenergie sinn natierlech frappant. Et kann een als Géigner vun deenen zwou Technologien zwou Taktiken oder zwou Strategië wielen: Déi, fir de Risiko an d'Fenster ze stellen oder déi, fir d'Nützlechkeet an d'Fenster ze stellen.

Ech perséinlech hu scho bei der Atomenergie ëmmer vermieden, fir de Risiko an d'Fenster ze stellen mä éischter d'Nützlechkeet, fir einfach ze soen, dass och

ouni Atomenergie d'Luuchten net ausginn, an dass och ouni OGM een den Hunger an der Welt ka bekämpfen.

Et gëtt natierlech fir näischt eng endgültig wëssenschaftlech Certitude. Esou wéi een elo net kann nowiesen, dass duerch d'Verbredung vun OGM et zu enger Katastroph an der Biodiversitéit kënnt, kann een natierlech och net 100% nowiesen, dass den aktuelle Klimawandel duerch d'CO₂-Emissiounen bedéngt ass, well et fënnt een ëmmer nach iergendwellech eenzel méi oder manner seriö Forscher, déi dat kontestéieren.

Schonn Enn de 70er Joren huet eng Etüd am Opdrag vun der deemoleger amerikanescher Regierung vum Jimmy Carter nogewisen, dass ee méi Leit wéi déi deemoleg Populatioun vun der Äerd kéint ernähren, wann een op der ganzer Welt de Biolandbau, dee sécher elo net dee produktivste Landbau ass, géif asetzen.

Et ass natierlech klor, dass ënnert där aktueller amerikanescher Regierung esou eng Etüd net méi an Opdrag gi gëtt, mä ech sinn iwwerzeugt, vü dass de Biolandbau genau wéi déi konventionell Landwirtschaft sech amelioréiert hunn, esou eng Etüd kéint datselwecht nowiesen.

D'OGM-Lobby behaupt natierlech de Contraire a seet, dass een nëmme just kéint mat hiren neien Technologien dat duerchzéien, mä et gëtt ëmmer méi Expären, déi keng privat oder soss Interessen am Déngscht vun deenen transnationale Konzerne hunn, déi soen, et géif op der Welt genuch Liewensméttel ginn, souguer nach fir eng gréisser Populatioun, et wär just e Problem vu Verdeelung a jusqu'à preuve du contraire soll sech d'Weltgemeinschaft éischer derfir asetzen, fir d'Verdeelung ze verbessern an d'Strukture vun de Klengbauere ze renforcéieren, fir dass um Terrain selwer d'Produktioun vu Liewensméttel kann erhéicht ginn an aner Länner net méi op den Import vu Liewensméttel ugewise sinn. Ech mengen, mir mussen eis do net ze vill Virwërf maachen, well d'Lëtzebuurger Entwécklungshëllef huet an deem Beräich eng Partie vun interessante Projeten.

Wat elo Lëtzebuerg an d'EU ubelaangt, do ass an der Landwirtschaft den Asaz vu genmodifizéierten Organismen dat mannsten Hëllefsméttel, wat d'Landwirtschaft hei an Europa brauch. Mir hunn éischer a ville Secteuren eng Iwwerproduktioun, an et geet éischer drëm an den nächste Joren a Jorzéngten, d'Sécurité alimentaire an Europa ze renforcéieren, besser Präisser fir d'Landwirtschaft ze kréien, d'Iwwerproduktioun ze kontrolléieren an haaptsächlech nei Nischen am qualitative Beräich ze fannen. Ech weess net, ob d'Lëtzebuurger Landwirtschaft am Besonneschen an d'europäesch Landwirtschaft am Allgemengen grad OGMen am Moment brauchen. Dofir ass de Principe de précaution an deem Beräich an Europa weiderhin oprechtzeer-

halen, an et ass ze begreissen, dass Lëtzebuerg säit Joren Défenseur vun dem Oprechterhale vun deem berühmte Moratoire ass. Natierlech kann een e Moratoire, par définition - well e Moratoire ass net in aeternum - schonn net ophalen, an et geet drëm an der postmoratoirer Phas esou stringent Direktiven a Gesetzeswierker eranzebréngen, dass d'Risiko minimiséiert ginn, wann net esouguer ausgeschloss ginn.

Deen zweete Punkt, deem ech och nach wollt relevéieren ass, dass et hei net nëmme ëm de Principe de précaution geet, mä och iwwert d'Biodiversitéit, wéi den Numm et scho seet. Mir haten am Kader vun der Biodiversitéitskonventioun 1992 vu Rio als Haaptzil gesat, fir an deene Länner, wou d'Biodiversitéit bedroht ass, Mesuren ze huelen, fir déi Erosioun an deene Länner ze stoppen, wou se scho wäit fortgeschratt ass, a Mesuren ze huelen, fir d'Biodiversitéit erëm ze fördern. Déi Fro, déi sech elo an dem Kontext vun der Biotechnologie stellt, ass déi: Ginn d'Mesurë fir d'Biodiversitéit ze erhalten, beziehungsweise ze rétabléieren duerch OGM-Technologie bedroht oder gi se net bedroht?

Et ass natierlech klor, dass Konzerne wéi Monsanto, Aventis oder Novartis nee soen. Si soen, et kann eng Cohabitatioun tëscht der Genlandwirtschaft engersäits an der konventioneller Landwirtschaft an dem Biolandbau ginn. Si hunn do eng Onmeng vu Versprieche gemaach, déi e bëssen un déi Versprieche vun der grénger Revolutioun an den 68er Joren erënneren. Si si souguer bei der Biolandbau gaangen an hunn deene versprach, si kéinte Méttel fannen, fir dass déi spezifesch Krankheeten, déi do natierlech méi optrieden, besonnesch an eise Klimazonen, géifen ewechfalen. Si hunn natierlech der konventioneller Landwirtschaft och eng helle Wull Versprieche gemaach wéi zum Beispill d'Erhéijung vum Ertrag, d'Reduktioun vun dem Asaz vun der Chemie an och eng qualitativ Verbesserung.

D'Géigner vun der Biotechnologie hunn awer ëmmer insistéiert, dass et sech ëm eng Terminortechnologie géif handeln, wou dee Stärkste sech net nëmme duerchsetzt, mä sech och definitiv duerchsetzt, well par définition mécht ee jo Gentechnologie bei Planzen, fir dass déi méi staark gi wéi hir natierlech gewuesse Konkurrenten, a wa se méi staark sinn, da kënne se sech natierlech duerchsetzen. Datselwecht gëllt natierlech och bei den Déieren.

Wann Dir genmanipuléiert Saumonen zücht, déi en dräifacht Gewicht hu vun engem normale Saumon, an Dir setzt déi herno an dat fräit Wildbach a Konkurrenz, dann dauert et net schrecklech laang, da sinn déi aner entweder ewechgefriss oder déi Déck hunn deene Klengen hir natierlech Grundlagen entzunn. Datselwecht gëllt a fortiori och fir d'Planzen. Dofir ass et gutt gewiescht, dass mer dës Woch de Besuch hate vun deem kanadesche Farmer, deem de Kolleg Emile Calmes schonn évoquéiert huet, deem

mer zesummen an engem Stall do uewen am Éislek, ënnert klimatesche Bedingungen, déi net ganz gönschteg waren, nogelauschtert hunn. Mir waren net erschreckt wéinst deene klimatesche Bedingungen, mä einfach wéinst deem, wat dee Mann eis zimlech glaubwürdeg erzielt huet.

Ech zitëiere vläicht seng zwee Kärsätz: "We will never get rid of GMO-seed in Canada." Dat heescht de GMO-Som huet sech a Kanada schonn esou wäit verbreet, dass et scho bal net méi méiglech ass, e lass ze ginn. "There is no coexistence possible between GMO-farming and conventional or organic farming." Dat heescht, et ass keng Koexistenz méiglech tëschent deene Baueren, déi op deenen dräi verschiddenen Niveaue schaffen. Dat féiert och an der Gemeinschaft vun de Baueren, sot de Mann, zu ganz erhiefleche Konflikter, well natierlech d'Industrie och ee géint deen aneren opstëppelt.

Besounesch beandrockend, dat huet den Här Calmes och gesot, ass dee Superwheat, deen de Mann genannt huet. Dat ass dee Raps, deen op de Felder vun dräi verschiddene Firmen ausgeséint ginn ass. Jidder Raps hat seng eege Charakteristiken an déi hu sech ënnertenee kombinéiert. Doraus ass dunne de Supercanola ginn, also e super Raps, deen ee bal nëmme méi mechanesch ka vun de Felder entfernen an deen am Gaang ass och op aneren Zorte vu Kulture säin Onwiesen ze dreiwien.

Deen drëtte Punkt ass och schonn hei relevéiert ginn. Ech wëll deen an zwee Sätz nach séier verdéiwen: Nämlech d'Relatioun tëschent där heite Konventioun mat anere Gesetzeswierker, haaptsächlech europäeschen Direktiven. De Statsrot huet ganz Recht, dass mer deen heite Gesetzesprojet solle stëmmen, ier mer un déi noveléiert Direktiv 1997 ginn.

Ech hat scho bei der Diskussioun iwwert d'Patentéierung dorop higewisen, dass innerhalb vu kierzester Zäit et gelongen ass, eng Direktiv, déi total onbefriedigend war, déi d'Majoritéit deemools zwar gestëmmt hat, elo an enger noveléierter Fassung virzeleeën, déi wesentlech méi interessant Perspektive bitt.

Et muss een awer soen, dass niewent där do Direktiv och nach aner Saachen an Europa uleien.

Zum Beispill déi berühmt Haftungsdirektiv, déi de Moment och a Beaarbechtung ass, déi eben definéiert, ënner wéi enge Konditiounen fir potenziell Ëmweltschied gehaft ka ginn. Do ass et de Moment esou, dass an deenen Texter, déi de Moment virleien, menges Wëssens alles, wat Biotechnologie ass, net virgesinn ass. Dofir ass jo och een Element vun eiser Motioun, déi mer lo zesummen hei ofstëmmen, dass d'Lëtzebuurger Regierung sech staark maache soll, fir dass an déi Haftungsdirektiv och den Aspekt vun de Biotechnologien integréiert gëtt, well ouni dat déi Direktiv absolut kee Sënn mécht.

Da leien natierlech och nach Reglementer op der Sellette - wéi ee sou schéi seet -, iwwert d'Traçabilitéit an den Etiquetage, déi effektiv extrem wichteg sinn, an d'Diskussioun, déi hei an der Kommissioun scho gefouert ginn ass, nämlech iwwert déi sou genannten "thresholds", also déi Grenzwärter, déi ugefouert kënnen ginn, fir dass GMOen a Geséims present sinn. Do kann een natierlech eng ganz einfach Fuerderung opstellen a soen, dass dat 0% musse sinn, mä engersäits ass et schwiereg 0% feststellen, an anersäits ass an Europa jo awer och scho genmanipuléiert Geséims present, sou dass et bal net méi méiglech ass, op 0% ze goen. Et wier also geféierlech, fir zum Beispill de Biolandbau, ze soen: Eis Produkter hunn 0% GMO, well dat a verschidde Beräicher scho bal net méi méiglech ass. Se kéinten héchstens soen: Mir produzéiere mat 0%. Och konventionell Bauere kënnen soen: Mir produzéiere mat 0%, mä si kënnen net garantéieren - d'Beispill vum Kanadier weist et -, dass hir Produkter net aus anere Felder verseucht gi sinn.

Dofir ass et natierlech och wichteg, dass Lëtzebuerg am Concert vun den europäesche Ministeren oder Spezialisten eng entschidde Positioun anhëlt, déi och deelweis vun Éisterräich an Italien gedeelt gëtt, déi och op de Wee vun 0% ginn. Natierlech muss een och nach aner Stipulatiounen mat berücksichtigen. Wat mécht een zum Beispill mat deenen, bei deene festgestallt gëtt, dass se iwwer engem Grenzwäert leien, wann ee Grenzwärter mécht? Léisst ee se sinn, oder zerstéiert ee se? Dat sinn zum Beispill sou kleng Detailer, déi awer och ganz wichteg sinn. Dofir hu mir an eiser Motioun gesot, dass Lëtzebuerg sech wierklech un deene strengste Précautionsprinzipien, déi méiglech sinn, orientéiere soll.

E leschte Punkt, deen ech uschwätze wollt, ass natierlech deen, deen och scho vum Här Bodry ugeschwat ginn ass, nämlech dee vun den Instanzen, déi een zu Lëtzebuerg schafft, fir éischens am Besouneschen hei déi Stipulatiounen vun der Konventioun um Terrain erfüllen ze kënnen, awer och fir allgemeng am immens komplexe Beräich vun de Biotechnologien eng maximal Sécuritéit an och Informatioun vun de Verbraucherinnen a Verbraucher ze assuréieren.

Ech hu lo selwer keng prezis Virstellung, wou een esou eng Agence oder sou en Département usiddele soll. De Kolleg Fayot hat jo eng Agence de sécurité alimentaire proposéiert; do ginn et natierlech an der Biotechnologie och Beräicher, déi net nëmme zu den alimentäre Secteure gehéieren. Dofir wär effektiv eng interessant Fro - den Här Bodry huet se och scho gestallt -, a wéi eng Richtung d'Regierung goe wëll, fir déi Instanzen, déi hei an der Konventioun virgesi sinn, zu Lëtzebuerg ze etablieren.

Mäin allerleschte Punkt ass dann deen, deen och scho meng Virriedner ugeschwat hunn, dee vun där Motioun. Et muss ee soen a positiv ervirsträichen, dass

Lëtzebuerg säit Joren eng Bastioun eigentlech vu Präcautioun an dem Beräich vun der Biotechnologie war. Mir hunn dat nach selwer virun zwee, dräi Méint hei bestätegt, wéi mer unanimement eis Retizenze par rapport zu der Patentdirektiv ausgeschwat hunn. Ech war och ganz erfreet ze héieren, dass eise Premierminister zu Barcelona senge Kolleegeen dat matgedeelt huet an eis Haltung do nach eng Kéier nodréiglech bestätegt huet.

Ech denken, dass Lëtzebuerg an där fermer Positioun vu Präcautioun weiderschaffe soll. Dofir hunn ech gëschter Moien im stillen Kämmerlein eng Motioun ausgeschafft, an ech war selwer iwwerrascht an erfreet, dass se op alle Bänken Zoustëmmung mat klengen Ännerunge fonnt huet. Déi Motioun fuerdert d'Regierung op, am Conseil des Ministres, mä och an allen aneren Organer vun der EU, eng Position de prévention de risque bäizebehalen, dann ze kucken, wann déi Négociatioun iwwer "thresholds" lo gefouert gëtt, dass do eng méiglechst streng Positioun ageholl gëtt, fir d'Kontaminatioun vu konventionellem an natierlech och biologeschem Geséims op e Minimum, wann net souguer null ze halen, wann dat nach méiglech ass. Am Allgemenge soll de Präcautiounsprinzip an alle Beräicher gëllen, nämlech an der Importatioun vun transgene Produiten, an der Kontaminatioun duerch OGM, an der Brevetabilitéit vun de Produkter, an awer och an der Informatioun vun de Bierger a Biergerinnen, notament am Beräich vun dem Etiquetage. Ech fanne besonnesch ganz positiv, dass d'Lëtzebuerger Regierung bereet ass, sech anzesetzen, fir dass an där neier Direktiv iwwert d'Responsabilité environnementale d'Risque vun der Disséminatioun vun den OGM och mat berücksichtegt solle ginn.

Ech sinn dann also frou, déi ökumenesch Motioun hei déposéieren ze kënnen a soen dann natierlech och, dass eis Fraktioun dësem Gesetzesprojet hir Zoustëmmung wäert ginn.

Motion

La Chambre des Députés

- *consciente des risques inhérents à certaines activités liées aux biotechnologies;*
- *saluant la ratification du protocole de Cartagena sur la prévention des risques biotechnologiques;*
- *compte tenu de l'importance des directives et réglementations communautaires en matière de prévention de ces risques;*
- *visant à tenir compte des réserves de larges couches de la population vis-à-vis de certaines des activités liées au génie génétique;*

invite le Gouvernement

- *à adopter, au sein des conseils de ministres et autres organismes et institutions au niveau de l'Union euro-*

péenne, une position de prévention de risques vis-à-vis des biotechnologies;

- *à défendre, dans le contexte des négociations sur les valeurs limites de pollution par des semences transgéniques une position de précaution visant à éviter, dans la mesure du possible, une contamination des semences agricoles conventionnelles par des OGM;*
- *à adopter, dans l'esprit du protocole de Cartagena, une position de précaution en matière d'importation de produits transgéniques, de contamination de semences par des OGM, de brevetabilité de ces produits et en matière d'information des citoyens et citoyennes, notamment sur l'étiquetage;*
- *à insister au sein des instances compétentes de l'Union européenne pour que les risques liés à la dissémination d'OGM soient intégrés d'une façon contraignante dans la nouvelle directive sur la responsabilité environnementale.*

(s.) Robert Garcia, Emile Calmes, Ben Fayot, Robert Mehlen, Marco Schanck.

M. le Président.- Als nächsten Diskussionsriedner ass den Här Aloyse Bisdorff agedroen. Den Här Bisdorff huet d'Wuert.

M. Aloyse Bisdorff (déi Lénk).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'Zilsetzung vun dësem Zousazprotokoll zu der Konventioun vu Montréal ass zwar luewenswäert, mä ech sinn der Meenung, dass dëst Zil net méi erreecht ka ginn. Déi Ëmweltrisiken, déi duerch genmodifizéiert Material entstinn an déi duerch den Handel verbreet kënnen ginn, sollen ënnerbonne ginn. Awer d'Verbreedung geschitt jo net nëmme duerch den Handel, mä ganz oft duerch natierlech Verschleefung an Iwwerdroung, an dofir ass se an dësem Sënn net méi ze ënnerbannen. Ech ginn de Verdacht net lass, wéi wa wëssentlech esou genmanipuléiert Material ausgesat gi wär, well déi Gene si jo patentéiert, a wann een dann an engem Feld, wou se net agesat ginn, awer sou Genen erëmfënnt, da gëtt verlaangt, dass Patentrechter bezuelt ginn. De Beweis hu mer jo gesinn duerch déi Prozesser, déi lo a Kanada gefouert ginn, géint ee Farmer, dee selwer ni genmanipuléiert Material geséit huet, op deem sengem Feld et awer optrëtt. Et gëtt elo vun him gefuerdert, dass en do Patentrechter bezuelt. D'Ëmweltrisike sinn net méi auszemäerzen, well d'Gene sech verbreeden an d'Zuel vun de Kombinatiounen, ënnerhalb deene se sech verbeeën kënnen, praktesch onbegrenzt ass. Dat haaptsächlech duerch de Phänomen vun de sou genannte Crossing-over, dee bei der Méiose entsteet. Et kann een och net dovunner ausgoen, dass eng genetesch Rezessioun antrëtt an domadder déi Genen, déi ausgesat si ginn, verschwannen - dat trëtt nëmme bei relativ klengen Gemeinschaften an, wat jo lo net de Fall ass. Et gëtt jo scho groussflächeg ausgebreet.

Nëmme fir als Beispill unzeginn: Bei deene fënnef Genen, déi beim Mënsch d'Blutgrupp, de Rhesusfaktor an d'HLA-Faktore begrënnen, ginn et 1,5 Milliarde vu verschiddene Kombinatiounen, dat heescht vu verschiddene Genotypen. Och, wann deen ausgesate Gen rezessiv wär, da verschwënnt en trotzdeem net. Et verschwënnt vläicht de Phenotyp, et gëtt méi rar, awer de Gen an de sou genannte Heterozygote ass ëmmer present.

Dofir si mer am folgende Fall: Beim Mais ass schonn de gréissten Deel duerch genmanipuléiert Material verseucht, an et gëtt gesot, dass deen eenzegen, deen een nach fanne kann, deen nach net esou genmanipuléiert ass, a Brasilien wär.

Et gëtt hei eng Aart Weltterror ausgeübt, an haaptsächlech vun deem Land, dat sech soss esou fir d'Terrorismusbekämpfung asetzt, an dat ouni Bedenken an déi Richtung vu gentechnech manipuliertem Material gaangen ass.

Et soll och hei déi sou genannte Biodiversitéit erhale bleiwen. Op där enger Säit duerch d'Aussetzung vu genmanipuléiertem Material hält se souguer zou, well do jo nei Genotypen entstinn; op där anerer Säit hält se awer of, well duerch d'Verdrängung an duerch d'Konkurrenz, déi déi nei Gene brénge vis-à-vis vun aneren, déi déi Eegeschafte net hunn, déi Biodiversitéit also veraarme wäert. Et geet een hei an eng Richtung, wou kee richteg weess, wat leschten Ends dobäi erauskënnt, a wat fir en Opwand leschten Ends d'Mënschheet maache muss, fir dee Problem do an de Grëff ze kréien. Wéi gesot ass déi Konventioun hei an hir Zilsetzung luewenswäert an ech ënnerstëtze se och, awer ech sinn der Meenung, dass se an deem Stadium, an deem mer haut sinn, schonn net méi erreecht ka ginn.

M. le Président.- D'Wuert huet elo de Statssekretär fir d'Ëmwelt, den Här Eugène Berger.

M. Eugène Berger, Secrétaire d'Etat à l'Environnement.- Merci, Här President! Dir Dammen an Dir Hären, ech wëilt och dem Rapporteur merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Och déi verschidden Interventiounen hei ware scho relativ ausféierlech, an et ass schwiereg nach vill nei Elementer zu deem Sujet ze soen, e Sujet, dee sécher ganz wichteg a vun Aktualitéit ass.

De Protokoll vu Cartagena huet als Basis d'Konventioun iwwert d'Diversité biologique an et ass jo esou, datt déi Konventioun de Moment zu La Haye an Holland diskutéiert gëtt, bei der sechster Conférence des Parties. Ech hat selwer d'Geleeënheet gëschter bei deenen Diskussiounen zu La Haye dobäi ze sinn. Et ass do vill iwwert déi verschidde Geforen an d'Menacë fir d'Aarteveelfalt an d'Diversitéit geschwat ginn an et gëtt do weider versicht, Pisten an Aktiounspläng opzestellen, fir dese Menacë besser entgéintzewierken. Och gëschter ass méi wéi eng Kéier do erklong, datt dee Prozess sécher net schnell genuch weidergeet.

Déi OGMen, Organismes génétiquement modifiés, wouriwwer mir haut de Mëtten debattéieren, kënnen eng potenziell Gefor fir d'Biodiversitéit duerstellen. Et sinn eng Rei Riedner, déi dat jo och illustréiert hunn. Besonnesch am Beräich vum Geséims, vun der Agrikultur sinn do eng ganz Rei potenziell Geforen, wou dann esou Planze kënnen aner Planze verdrängen, aner Aarte ganz einfach zerstéieren oder ganz Ökosystemer op d'Kopp geheien. En anert Beispill, dat sécher ganz bekannt ass, an haut de Mëtten net erwähnt ginn ass, a wat een och als Illustratioun hätt huele kënnen a wat och deelweis e Symbol war an deene vegaangene Joren, ass ënner anerem déi genetesch modifizéiert Maiszort, déi bewierkt huet, datt eng ganz Päiperleksaart ausgestuewen ass.

D'international Communautéit war sech relativ schnell dëser Problematik bewosst an huet dofir och relativ schnell am Domän vun den OGMen reagiert. Et ass ee vun deene weinegen Domänen, trotzdeem, deen am Kader vun där Konventioun hei iwwert d'Biodiversitéit e konkreten a konsequente Suivi erfuer huet, am Vergläich mat anere Sujeten - wéi gesot -, déi mer och gëschter zu La Haye diskutéiert hunn. Dee Suivi ass eben, datt mer dee Protokoll vu Cartagena haut de Mëtten hei an der Chamber debattéieren. De Protokoll ass e kloert Signal vun der internationaler Communautéit an där Matière, déi kontroverséiert ass, an déi sécher Chancë ka bidden, wann een un de Secteur vun der Medezin denkt, oder un d'Bekämpfung vun der Hongersnout, déi awer och eng ganz Rei vu Geforen opweist a mat sech brénge kann - besonnesch fir d'Biodiversitéit. Et ass also e Signal fir e juristesche contraindante Kader an där Matière ze schafen an esou déi Gefore wäitméiglechst, och am internationale Kontext, an de Grëff ze kréien.

Och d'Europäesch Communautéit mësst dësem Protokoll ganz vill Wäert zou a wënscht sech, datt hir 15 Memberslänner deen Text virum Sommet vu Johannesburg, dee jo am September wäert stattfannen, unhuelen, fir hir Engagementer, déi se 1992 zu Rio geholl hunn, aléisen ze kënnen. Bis dohinner sollen all d'Länner den Text ratifizéiert hunn. Ech sinn och frou, dass dee Gesetzesprojet an der Chamber eng grouss Zoustëmmung am Débat fonnt huet. Et ass esou, dass mir och als Lëtzebuerg deen Echancier vum Sommet vu Johannesburg anhale wéi déi aner Länner vun der EU.

Sécher soen déi eng oder déi aner, deen Text hei géif net wäit genuch goen. Et muss ee sech awer bewosst sinn, dass deen Text, deen zustane komm ass no ganz schwierge Verhandlungen, u sech awer e grouse Succès duerstellt. Ech verweisen drop, dass a ganz villen anere Matièreen am Beräich vun der Biodiversitéit bis haut nach net esou vill erauskomm ass.

Ech war selwer bei deenen Debatten zu Montréal derbäi. Déi waren haart an intensiv an hunn dee leschten Dag bis an d'Moiesstonne gedauert. Ënnert

dem Stréch war et awer ee Succès fir déi international Communautéit am Respekt vun deenen Intérèten, déi vun all den Ëmweltministeren ëmmer erëm virgedroe gi sinn.

D'Detailer vum Protokoll si vum Rapporteur, vun deene verschiddene Riedner in extenso erkläert ginn. Ech wëll nëmmen zwee Punkte relevéieren, déi mir besonnesch wichteg schéngen: Op där enger Säit d'Uwendung vum Principe de précaution, dem "Vorsorgeprinzip", deen am Kader vun engem internationale Protokoll applizéiert ginn ass. Dat ass sécher dee gréisste Succès. Et si scho vill Definitiounen op dëser Tribün vun deem Principe de précaution gemaach ginn. Ech wëllt nach eng ganz einfach Definitiouen derbäifügen: Am Endeffekt heescht dat ganz simpel, dass am Zweifelsfall ee sech sollt fir d'Ëmwelt, respektiv fir d'Biodiversitéit entscheiden.

Een zweete Punkt, deen ech nach eng Kéier wëllt ervirhiewen, ass deen, dass dëse Protokoll sech net aneren Accorde subordonnéiert, besonnesch net dem OMC. Dat ass ee wichtige Punkt. Déi Regeln, déi hei opgestallt gi sinn, sinn à pieds d'égalité mat de Regele vum Welthandel. Dat heescht, dass ee Land sech och kann opgrond vun dësem Protokoll géint d'Aféiere vun OVM aussprechen, ouni a Konflikt mat de Regele vun der OMC ze kommen. Dat ass besonnesch e wichtige Punkt fir d'Drëttwëltlänner. Et ass de Mëtteg net esou vill dorop higewise ginn, well mer eise Bléck méi op Europa konzentréiert hunn, mä dëst ass awer och e wichtige Protokoll fir d'Drëttwëltlänner, déi hei en effikasse Moya virfannen, fir sech le cas échéant géint déi wëll Importatiounen vun OVM an hire Länner besser kënnen ze wieren.

De Protokoll ass eng wichteg international juristesche Basis, mä si kann awer och duerch méi contraignant Dispositiounen ergänzt ginn. Dat ass de Fall notament an Europa, selbstverständlech och zu Lëtzebuerg, wou mer verschidden Direktiven a Reglementer hunn, déi dee Protokoll wäerte präziséieren. Forcément fällt Lëtzebuerg och ënnert déi Dispositiounen. Mir wäerten an deenen nächste Wochen a Méint nach méi intensiv iwwert déi Direktiven a Reglementer diskutéieren. Ech ginn dofir net méi speziell dorop an.

Eng Fro war ënner anerem souwuel vum Här Bodry wéi vum Här Garcia opgeworf ginn. De Protokoll gesäit vir am Artikel 19, dass all Partie, déi um Protokoll deelhält, muss en nationale Korrespondent, respektiv eng national Autoritéit designéieren. Déi Autoritéite kënnen eng an déiselwecht sinn. Mir hunn dat an dësem Projet de loi net klor präziséiert. Dat muss mer och net maachen. Eréischt dee Moment, wou den Dépôt vum Instrument de ratification ass, muss mer dat definitiv festleeën. Mir sinn am Gaang zesumme mat dem Département vun der Santé, dee vläicht méi spezialiséiert Leit huet, ze kucken, wou dee Correspondant national géif festgeluegt ginn, virun allem kucke mer,

dass mer eng pragmatisch Léisung fannen an net onbedéngt mussen en neien Apparat opbauen.

Et ass och Rieds gaange vun deem sou genannte Biosafety Clearing House. Dat ass éischter eng Instanz, déi um europäesche Plang wäert geschafe ginn an déi net all eenzel Memberstat wäert maachen, well et geet do haaptsächlech ëm Import vu Geseems an Europa, wou klor Regele mussen festgehalen ginn. Dat gëtt um europäeschen Niveau ofgehandelt.

E lescht Wuert zu där Motioun, déi eng grouss Zoustëmmung fënnt. Ech wëll just soen, dass et eng gewësse Continuitéit an der Lëtzebuurger Positioun gëtt, dass, wann de Sujet vun den OGM an den OVM am Conseil oder anere Gremien an Europa diskutéiert ginn ass, eis Approche ëmmer vum Principe de précaution geleet ginn ass, wat mir och weidergefouert hunn an deene leschten zwee Joer an och wäerte weiderféieren. Ech erënneren drun, dass mir dee Moratoire, deem Lëtzebuerg bäigetruede war, och bäibehalen hunn.

Och war en Débat iwwert d'Haftungsdirektiv an engem vun de leschte Conseilen. Bei deem Débat huet Lëtzebuerg sech ganz klor derfir ausgeschwat, dass d'OGM onbedéngt missten an déi Haftungsdirektiv afléissen. Dat ass eppes, wat mer do verteidegt hunn a wat een noliese kann.

Leider ass et esou, an doru muss ech ëmmer erënneren, dass d'Stëmm vu Lëtzebuerg an Europa net déi wichtegst ass, dass mer och ëmmer drop ugewise sinn ze kucken, wéi déi aner Länner reagéieren. Mir respektéieren awer weider de Principe de précaution.

Ech soen all den Intervenante merci an och der ganzer Chamber, dass se dëse wichtige Projet wëlle mat grousser Unanimitéit stëmmen.

Merci.

M. le Président.- D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zur Lecture vun den Artikelen vum Projet de loi a stëmmen driwwer of.

Lecture du texte du projet de loi (par M. Jean Spautz)

Den Article unique ass gelies an ugeholl.

Mir maachen de Vote vum Projet de loi 4842.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Déi fir de Projet sinn, stëmme mat Jo, déi aner mat Neen oder si enthalen sech.

De Projet de loi ass mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: MM. Willy Bourg (par M. Ady Jung), Lucien Clement, Marcel Glesener, Jean-Marie Halsdorf, Norbert Haupt, Ady Jung, Nico Loes, Paul-Henri Meyers, Mme Marie-Josée Meyers-Frank, M. Laurent Mosar, Mme Ferny Nicklaus-Faber (par M. Jean-Marie Halsdorf), MM.

Patrick Santer (par M. Marco Schank), Marco Schank, Jean Spautz, Mme Nelly Stein, MM. Nicolas Strotz, Fred Sonnen, Lucien Weiler et Claude Wiseler (par Mme Nelly Stein);

Mme Simone Beissel, MM. Jeannot Belling, Xavier Bettel, Niki Bettendorf, Emile Calmes, Mme Agny Durdu, MM. Gusty Graas, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch, Mme Maggy Nagel, MM. Jean-Paul Rippinger, Marco Schroell, John Schummer et Théo Stendebach;

MM. Jean Asselborn, Alex Bodry, Mme Mady Delvaux-Stehres, M. Mars Di Bartolomeo, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Jeannot Krecké, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Jos Scheuer, Georges Wohlfart et Marc Zanussi (par M. Jeannot Krecké);

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Fernand Greisen (par M. Robert Mehlen), Jacques-Yves Henckes, Aly Jaerling, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;

MM. François Bausch, Robert Garcia, Camille Gira et Mme Renée Wagener;

M. Aloyse Bisdorff.

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Et ass esou décidéiert.

Motion

Mir si mat enger Motioun befaasst, déi vum Här Robert Garcia abruecht ginn ass an déi vun alle Fraktiounen, déi hei vertratt sinn, ënnerstëtzt gëtt. Mir maachen e Vote par main levée.

Vote

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

8. Résolutions de MM. Gast Gibéryen et Marcel Glesener (Suite)

Ënnert dem Punkt 6 vun eisem Ordre du jour vun haut huet den Här Marcel Glesener eng Resolutioun abruecht am Kader vum Conseil de l'Europe, déi vun alle Fraktiounen ënnerstëtzt gëtt an déi déi Resolutioun ersetzt, déi vum Här Gibéryen iwwert deeselwechte Sujet abruecht gi war.

Mir maachen e Vote par main levée.

Vote

Wie fir d'Motioun ass, ass gebieden, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Wien ass dergéint?

D'Motioun ass eestëmmeg ugeholl.

Mir kommen zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, d'Diskussioun vum Projet de loi 4838, d'Konvention iwwer EUMETSAT. D'Wuert huet d'Rapportrice, d'Mme Agny Durdu.

9. Projet de loi 4838 portant approbation

– de la Convention portant création d'une Organisation Européenne pour l'Exploitation de Satellites Météorologiques (EUMETSAT) du 24 mai 1983

– du Protocole d'amendement de la Convention établissant l'Organisation Européenne pour l'Exploitation de Satellites Météorologiques (EUMETSAT), adopté lors de la 15^e réunion du Conseil d'EUMETSAT des 4 et 5 juin 1991 par la résolution EUM/C/Rés XXXVI

– du Protocole relatif aux privilèges et immunités de l'Organisation Européenne pour l'Exploitation des Satellites Météorologiques EUMETSAT, fait à Darmstadt, le 1^{er} décembre 1986

– de l'Accord entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et l'Organisation Européenne pour l'Exploitation de Satellites Météorologiques (EUMETSAT), relatif à l'adhésion du Grand-Duché de Luxembourg à la Convention portant création d'une Organisation Européenne pour l'Exploitation de Satellites Météorologiques et aux conditions et modalités de cette adhésion, fait à Luxembourg, le 4 juillet 2001

Rapport de la Commission de l'Economie, de l'Energie, des Postes et des Transports

Mme Agny Durdu (DP), rapportrice. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess, dass den Nomëtteg laang wor, mä ech wär frou, wann Dir géingt probéieren, mir just zwou klenger Minutten noze-lauschteren.